# D’Gläichstellung vun den Fraën a Männer an der Politique Urbaine

## Kuurz Présentatioun vun der CIPU

### Städtepolitik

***"Les politiques urbaines croisent plusieurs domaines d’intervention et s’ajustent en permanence aux demandes émergentes. Les villes, laboratoire de la société moderne, sont des entités sociales, culturelles et économiques dynamiques. Le succès des politiques urbaines se fonde sur plusieurs domaines stratégiques de politiques: le marché du travail, l’aménagement du territoire, le logement, la durabilité environnementale, la sécurité, la mobilité, l’économie, la culture et l’inclusion sociale. La vie et les différentes fonctions sont au cœur des politiques urbaines. L’efficacité de la conduite des politiques urbaines est liée à la bonne gouvernance. La participation croissante de la société civile et des citoyens ainsi que le développement des coopérations entre autorités locales et entre municipalités, sont des composantes indispensables des politiques urbaines. L’enjeu majeur est de créer des villes intégratives, attractives, sécurisées, riches en opportunités pour tous. "***
(Source: European Urban Knowledge Network homepage) (à projeter)

Des Définition vum European Urban Knowledge Network (EUKN) fir d’Politique Urbaine weist a mengen Aan genz däitlech wou d’Gemeinsamkeeten tëschent der Städtepolitik an der Gläichstellung vun Fraen a Männer sin :

- D’Politique urbaine as keen sektoralen Politikberäich, mee baut op villen verschiddenen wichtegen politëschen Beräicher. Grad esou verhält et sech fir d’Gläichstellungspolitik, déi grad wéi d’Städtepolitik e Querschnettssthema (transversal) Thema as daat vill verschidden Secteuren betrefft.
- D’Efficacitéit vun vun der Städtepolitik as direkt un eng good Gouvernance urbaine gebonnen. Ziel vun der Chancengläichheet as et jo och zu besseren Governance-Strukturen op deenen verschidden Niveauen beizedroen. Mir gesin e bessen méi wäit dass d’Chancengläichheet tëschent Fraen a Männer e wichtegen Bestanddeel vun gudder Gouvernance urbaine duerstellt. (Hei sin mer also beim Thema Gouvernance urbaine)
- D’Bedeelegung vun der Société civile an den Awunner vun eisen Stied a Gemengen as wichteg fir d’Städtepolitik. Och hei dréit d’Chancegläichheet derzou bäi, d’Bedeelegung vun Fraen a Männer zu gläichen Deeler iwwerhaapt ze erméiglechen.

- Souwuel d'Städtepolitik wéi och d'Chancegläichheetspolitik wellen attraktiv a secher Stied schaafen, déi d'Besoinsen vun all Grupp consideréiert an déi allen Gruppen esou vill Opportunitéiten wéi méiglech get. *(eigentlech d'Ziel vun der nohalteger Stadentwecklung)*

Wéi der also gesitt, gin et eng Reih interessant Liensen tëschent der Chancengläichheet tëschent Fraen a Männer an der Städtepolitik. Dir hutt och gesin, dass dës Liens virun allem mat den Themen nohalteg Stadentwecklung an Gouvernance urbaine bestin. Et handelt sech hei em Konzepter déi Iech secherlech wärten geleefeg sin. Sie sin ausserdem e wichtegen Bestanddel vun menger Arbescht als Informatiouns- a Koordinatiounsstell fir d'Städtepolitik.

Dës zwee Konzepter sin, wéi der sëlwer bestëmmt schon gemierkt hutt, u sech komplizéiert. Villes as an der Fachlitteratur schon doriwwer geschriwwen gin an emmer nach sin dës Konzepter net ganz grëffeg. Iwwert den Lien tëschent Städtepolitik an der Gläichstellung vun Fraën a Männer, a besonnesch iwwert den Lien vun der Gläichstellung vun Fraen a Männer an deeen zwee Konzepter déi ech genannt hun, as bis elo allerdéngs réischt wéineg geforscht gin. Dësen Lien schéngt mir awer wesentlech ze sin fir haut am Cadre vun dëser Konferenz kurz doriwwer ze schwätzen.

Ausgoend vun deenen zwee Konzepter (nohalteger Stadtentwecklung, der Gouvernance urbaine an der integréierter Approche) probéieren ech Iech ze weisen a wéi wäit d'Chancegläichheet e wichtegen Deel vun der Städtepolitik as, besonnesch well se e groussen Impakt op d'nohalteg Stadentwecklung an d'Gouvernance urbaine huet. Mat Hellef vun enger Reih kuurzen Beispiller probéieren ech Iech ze weisen wéi eng Art vun Aktiounen Dir als politesch Verantwortlech kennt an Ären Gemengen duerchféieren an esou zur Gläichstellung vun Fraen a Männer beidroën.

**Nohalteg Stadentwecklung**

Nohalteg Stadentwecklung kann een z.Bsp. esou définéieren: „ Nohalteg as d'Stadentwecklung dann wann déi dräi Dimensiounen vun Emwelt, Wirtschaft a

Sozial Gerechtegkeet a gläichem Mooß berücksichtegt gin. Wann Entscheedungen getraff gin, déi fir eng vun desen Dimensiounen negativ Auswiirkungen hun, get dës Décisioun nemmen dann acceptéiert wann den Notzen fir eng Dimensioun den Nodeel fir déi aaner Dimensiounen iwwerweit. Esou eng Ofwägung därf allerdengs net systematesch zur Laaschten vun der gläicher Dimensioun goen". (Zürcher Programm für ein Zukunftsfähiges Zürich)

D'Aufgab vun enger Stad oder enger Gemeng as fir d'Gleichstellung vun Fraen a Männer an allen Beräicher vum öffentlechen Liewen ze stärken an ze secheren.

Een vun dësen Beräicher as d'Economie an méi genau den Arbeschtsmaart. Waat kann eng Gemeng an dësem Beräich maachen fir d'Chancengläichheet op dem Arbeschtsmaart ze stärken?  Firwaat soll eng Gemeng sech hei an deem Beräich iwwerhaapt engagéieren? D'Ziel vum Engagement op Gemengenniveau soll et sin, dass d'Bedingungen gefördert gin, fir dass Fraen a Männer gläich kennen Deel huelen un der Arbescht. Die wirtschaftlech Eegenstännegkeet vun Fraen a Männer huet als Konsequenz d'Vereenbarkeet vun der berufflecher Tätegkeet mat aaneren Aufgaben wéi z.Bsp. d'Erziehung oder d'Pfleg vun de Kanner. Doduerch, dass eng Stad oder eng Gemeng Rahmenbedingungen schaaft wéi z.Bsp. Maisons Relais oder Kannerkichen déi zur der Vereenbarkeet vu Beruff, Famill an Haushalt bäidroen sechert se also och gleichberechtegt Bedeelegungs- a Matbestemmungsméiglechkeeten an der Stadpolitik. Engersäits as eng Stad oder eng Gemeng also wirtschaftlech méi leeschtungsfäheg, aanerersäits fillen d'Awunner sech méi wuel enner aanerem well eng sozial Gerechtegkeet herrscht.

D'Approche intégrée as eng wichteg Viraussetzung bzw. e wichtegt Hellefsmëttel vun der nohalteger Entwecklung. D'Approche intégrée tëschent Fraen a Männer as eng Démarche déi probéiert d'Egalitéit tëschent Fraen a Männer an allen politeschen Beräicher an an allen Etappen an Prozeduren (Perceptioun bis Emsetzung, Suivi an Evaliuatioun)  ze integréieren.

à Beispiller

**Gouvernance urbaine**

Wann d'Gouvernance urbaine gläichberecht an nohalteg soll sin muss se virun allem Gender-sensibel sinn. Participatioun an d'Engagement vun der Bevölkerung sin ganz wichteg Bestanddeeler vun enger gudder Gouvernance. D'Konzept vun der Gouvernance wend sech net nemmen eng effizient Gestioun vun städteschen oder gemengeneegenen Infrastrukturen an Servicer, mee och u Froen vun der sozialer Gerechtegkeet an politesch Legitimitéit. Déi verschidden Art a Weisen an deenen Männer a Fraen un der Gouvernance urbaine Deel huelen an dervun profitéieren sin oft geprägt vun Genderkonstruktiounen. D'Normen an d'Erwaardungen schränken oft den Accès fir d'Fraen zu sozialen, wirtschaftlechen an politieschen Ressourcen vun enger Stad an.

Eng Gender-sensibel Approche an der Gouvernance urbaine verfollegt zwee Haaptzieler:

1. d'Bedeelegung vun den Fraen an der Entwecklung vun den Stied (Human settlements) ze verbesseren
2. Gender-Bewosstsein an Gender-Kompetenzen bei Fraen a Männer an der Politik an an der Planung ze förderen

Mir brauchen nei a méi inklusiv Partnerschaften an den Stied, déi d'Intérêten, d'Besoinsen, d'Contributiounen an d'Potentialer vun den Fraen souwuel als och vun den Männer erkennen an behandelen. Mee och hei sin d'Fraen net all d'selwescht. Sie hun vill verschidden Intérêten a Besoinsen, gläichzäiteg deelen se awer och eng Réi Intérêten opgrond vun ähnlechen oder gemeinsamen Verantwortungen an Rollen. D'Partenariat tëschent Awunner, Leit déi schaffen, Planer a Politiker muss d'Diversitéit an d'Gemeinsamkeeten vun Fraen addresséieren.

Well Fraen déi städtesch Räim (Emwelt) aanescht erliewen an notzen wéi Männer, hun se ënnerschiddlech Prioritéiten oder Besoinsen waat d'Servicer an Infrastrukturen uginn. Beispiller kennen am Beräich vum Transport, Wunnen oder Schoulen fonnt gin. Mee leider gin esou ënnerschiddlech Prioritéiten oder Besoinsen an der Städtepolitik oder an den Budgeten selten berücksichtegt. Politiker an Planer mussen méi gender-bewosst gin. Nemmen esou kann garantéiert gin, dass

d’Besoinsen vun Fraen a Männer gläich behandelt an d’Fraen selwer méi an den Planungsprozess mat agebonnen gin.

Inklusiv Partnerschaften an der Gouvernance urbaine muss och d’Hürden, déi Fraen dervun ofhaalen méi am öffentlechen Liewen an der Politik deelzehuelen, consideréieren. Daat kann z.Bsp ...

à Beispill

**Conclusiounen**

D’Chancengläichheet tëschent Fraen a Männer als wichteg Komponent vun der Städtepolitik ze betruechten. Dir als Stied a Gemengen hutt d’Méiglechkeet (oder villäischt hutt dir et schons gemaach) d’Charte européenne pour l’égalité des chances ze ennerschreifen. An dëser Charte verpflicht Dir Iech Aktiounspläng opzestellen an an Ären Gemengen oder villäischt op regionalem Niveau emzesetzen. Duerch d’Emsetztung vun dësen Aktiounen erfëllt Dir net nëmmen Är Verpflichtungen vis-à-vis vun der Charte, mee Dir drot och entscheedend zu enger nohalteger an integrativer Städtepolitik an enger besserer Gouvernance urbaine bei.